piraten.lu

PIRATEN

Dépôt: GOERGEN Marc

Aktualitéitsstonn zum Mietmarché an de Schwieregkeete vun de Locatairen

Lëtzebuerg, den 19/11/2025

Motioun

D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:

- D'Regierung huet am Koalitiounsaccord festgehalen, dass se de Wunnengspark vum Staat a vun de Gemengen wëll weider ausbauen ;
- D'Rapporte vum Observatoire de l'Habitat weisen, dass zu Lëtzebuerg nach ronn 4.000 Hektar Land fir de Wunnengsbau kënne genotzt ginn an dovunner iwwer 500 Hektar am Besëtz vum Staat an de Gemenge sinn ;
- Den duerchschnëttleche Baupräis bei der SNHBM pro Quadratmeter loung 2023 bei ronn 5.300€/m2 (Äntwert QP n°390) an de Staat huet am Joer 2024 ronn 126 Milliounen Euro fir 208 Wunnenge bezuelt, also zu engem Duerchschnëttspräis vu 600.000€ (Äntwert QP n°2102).
- De Wunnengsbau ass eng Prioritéit vun héchstem nationalen Interessi an all Euro, dee mer hei dran investéieren, kënnt de Leit an der Wirtschaft hei am Land zegutt ;

Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:

1. ee Spezialfong vun 180 Milliounen opzemaachen, woumadder mindestens 400 weider Wunnengen

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

(30.000 Quadratmeter) kéinte gebaut oder 300 Wunnengen iwwert de VEFA-Programm kéinte kaf ginn.